

Interview mat eisen Kapitänen: Marvin: Mir sinn sou wei eng Famille!!! Raphael: Jiddereen geet ugeholl wei een ass!!!

1. Gudden Moien Marvin an Raphael, dir sidd Kapitäne vun der Equipe, wei ass dat dozou komm dat et an der Equipe 2 Kapitäne ginn? Normalerweis gëtt et jo nëmmen 1!

Raphael: Gudden Moien, richteg den Marvin an Ech sinn Kapitäne vun der Equipe an dat am Choix vum Staff vun eiser Equipe. Gin dovunner aus dat mir zwee gewielt ginn sinn well Sie eis den Kader uvertrauen kennen, dat mir sérieux an éiergäizeg Männer sinn. Villäicht well een ëmmer op eis zielen kann, op um oder Ausserhalb vum Terrain. Als Fussballfan weess ech dat ëmmer een 2ten Kapitän do ass, an dem Fall sinn ech dat. Heescht lo an mengen Aen net dass den een méi ze soen huet als den aneren. Den zweeten ass do falls den éischten zum Beispill ausfällt an engem Match oder um Terrain, fir dann kennen do weider der Equipe Disziplin an als Beispill virun ze goen, Equipe mat ze motivéieren an Equipe an dei richteg Richtung ze lenken am sportlechen an mënschlechen Beräich.

Marvin: Den Trainer huet Kapitänen gewielt, sinn och frou dass den Raphael an ech Kapitän sinn mir verstinn eis ganz gutt mat der Équipe.

Raphael an ech mir sinn och déi 2 aus der Équipe wou d' Équipe berouegen kann an engem komplizierten Match.

2. Dëst ass jo eng ganz nei Equipe mat vill Jonker déi vun iwverall kommen, ass et vill Arbescht als Kapitäne den ganzen Grupp zesummen ze halen? Oder ass et fir lech einfach?

Marvin: Aus menger Perspektiv hunn ech fonnt dass d' Équipe sech gutt verstanen huet vun Ufang un, et gëtt ëmmer puer Problemer an enger Équipe mee déi waren awer schnell geregelt.

Raphael: Muss een soen dat wierklech vill nei Käpp bei komm sinn, wat och gutt ass, do gesäit een dass iwverall zu Lëtzebuerg Talenter verstoppt waren. Muss een wëssen dat mir vum Staff net direkt gewielt ginn sinn, den Staff huet eis alleguerten Zäit ginn fir dat mir eis kennenleieren wat eis nämlech vill gehollef huet. Wei gesot, ganz nei Equipe, kloer war dat schwier am Ufank alles am Grëff ze hunn an mat da



Zäit hunn mir eis den Respekt an Unerkennung um Terrain, um Training, an am Ëmfeld vun der Equipe an Veräin verdéngt.

3. Resultat méisseg hatt dir een schwachen Start mee dir huet lech zum Schluss gudd gefaangen, wei reagéiert an fillt een als Kapitäne an esou Momenter mat der Equipe?

Marvin: Dass Normal dass mir Ufang een schlechten Start haten, mir haten nach net vill zesummen gespillt, lues a lues ass et awer ëmmer besser ginn an mir sinn ëmmer méi Stark ginn als Équipe.

Als Kapitän ass een stolz wann een gesäit wei mir eis verbessert hunn, vill leit hunn och Schlechtes vun eiser Équipe geschwat an et fret mech dass mir hinnen beweisen konnten wat mir kennen.

Raphael: Nei Equipe, heescht neien Start! Mir waren am Ufank allegueren bewusst dat den Kader net direkt zu 100% géif funktionéieren vu que dat mir eng ganz nei Equipe waren. Dank da Zäit wou mir hatten während der Virbereedung, den Frëndschaft Matcher an um Training konnten mir eis besser kennen leieren. Jidderengem seng Spillweis kennen léieren, wat ganz wichtig war, an drun schaffen eis ze verbessern an ofzestëmmen.

Kloer dat een sech net gutt fillt no enger Nidderlag. Am léifsten hatt een jo alles gewonnen wat awer net Machbar ass am Fussball. Chancenverwärtung war bei eis den Problem, Domination zu 100% awer wann een Goaler net schéisst, gewënnt een leider net. Als Kapitän muss een awer dozou stoen, Equipe weider motivéieren an déi gutt Stëmmung an der Vestiaire emmer heich halen. Mir gewannen an verléieren zesummen! Gutt opgehale an no der Virbereedung weider mat engem gudden Start am Championnat unzufänken an eventuell sech fir Barrage Platzen qualifizéieren an mat ganz vill Chance un eng Direkt Opstiegplatz krazen!

4. Wei zefridden sidd dir mat der Entwécklung vun der Equipe?

Raphael: Richteg zefridden mat der Entwécklung vun der Equipe. D 'Jongen an den ganzen Staff weisen ëmmer hin déi Motivatioun wei am Ufank an déi Loscht eppes Erreechen ze wëllen wat ganz wichtig ass.

Marvin: Mat der Entwécklung vun eiser Équipe sinn ech zefridden, mir kennen awer nach méi wei dat wat mir bis elo gemaach hunn.

5. Wat gefällt lech an dëser Equipe?

Raphael: Jiddereen geet ugeholl wei een ass. Bei eis ginn keng Differenzen gemeet. Jongen weisen hier Motivatioun, Loscht, déi ganz Ambiance um Training, Matcher oder an da Buvette an dat jiddereen sech gutt mat jidderengem versteet.

Marvin: Wat mir an dëser Équipe gefällt ass dass mir sou eng gutt Ambiance hunn am Vestiaire, ausserhalb vum Terrain an um Training.

Mir sinn sou wei eng Famille!!!

6. Wat gefällt et lech an dësem Veräin?

Raphael: Als éischten Mol een Merci um Comité vum White Lion fir hier Motivatioun an Engagement esou een Projet unzufänken an mat Loscht weider drun ze schaffen. Een groussen Merci och um Comité vum Vinesca Ehnen fir Participatioun vum Projet an dat

Jugendlecher an Jonk Männer ewéi mir eng Platz fannen am Fussball an eng Platz kreéiert hunn wou een sech Wuel fillt. Dem Staff och Merci fir hier Participatioun, hier Motivatioun eis alleguerten nei Saachen bäizebréngen an hiert Fussball Begeeschterung mat eis ze deelen. Groussen Merci och un den Jugentreff Hesper fir hier Hëllef an Engagement vum Ufank un vum dessem Projet.

Marvin: Wat mir an dësem Veräin wierklech gefall huet ass dass Sie eis Chance ginn hunn eis ze beweisen an Sie hëllef eis och wierklech virun ze kommen am Fussball.

Mir hunn zum Beispill een Kiné, Fitness-raum an een Fitness Trainer an dat ass ganz seelen an enger Équipe vun der 3 Divisioun.

7. Huet den Projet aer Erwaardung erfëllt?

Marvin: Den Projet huet nach net meng Erwaardung erfëllt dat kennt awer nach wann mir weider zesammen schaffen.

Raphael: Jo an dem mir mat enger « U-23 » kennen am Lëtzebuergen Championat deel huelen. Dënnen Spiller eng Chance ze ginn am Senioren Fussball an enger Senior 1 Erfahrungen ze sammelen an sech ze beweisen.

8. Wei gesidd dir aer perséinlech Entwécklung bis lo?

Raphael: Éischer eng positive Entwécklung wou awer nach net fäerdeg ass. Muss nach vill am Athleteschen Volet un mir schaffen. Dëst hëlleft mir déi Muskuläre Belaaschtung besser ze verdroen, déi hunn mech nämlech an der Mëtt vun der Hin Ronn eng Zäit gebremst an net méi Asätz zougelooss.

Marvin: Ech sinn mat mir selwer nach net sou zefridden, ech muss nach vill un mir schaffen. D 'Resultater vun menger Entwécklung kommen awer nach.

9. Wat wënscht dir lech fir sportlech fir lech mee och fir Equipe am Een vun der Saison?

Marvin: Mäin Wonsch ass et dass mir op 2t Divisioun kommen, dass fir eis dat wichtigst.

Raphael: Dat mir am Een vun da Saison alleguerten (Spiller, Staff, Comité, Supporter) kennen op d'Mousel feieren goen well mir den Opgestieg gepackt hunn!

10. Kennt dir eisen Supporter an den Fussball begeeschter Leit erklären wei eng Grënn et ginn fir Sonndes op Ehnen een Match kucken ze kommen?

Raphael: Op da Mousel ginn et déi beschten Drauwen, loosst iech se schmaachen andeems dir iech se selwer während den Match plécken an direkt iessen kennt. Kloer Suergen mir fir den gudden kalen Béier deen lech begleeden wäert mat engem gudden waarmen Wupp während Minimum 90min an duerno kennen mat der Equipe op Victoire ustoussen an feieren!

Mir bedanken eis bei eisen 2 Kapitäne fir hier eierlech Meenung an wenschen hinen vill Glect an hieren Aufgaben.

Bis geschwenn.

F.C. Vinesca Ehnen

Mir stellen Iech den Profil vun eisem Kapitän Lopes Andrade Marvin fir:

FOOTBALL☐"

- **Mon âge: 22**
- **Ma position: défenseur central / milieu défensif**
- **Ma taille: 1m92**
- **Mon surnom: Marvin**
- **Mes clubs jusqu'à présent: RM Hamm Benfica, FC Blo-waiss izeg, Ehnén**
- **A Ehnén depuis: cette saison**
- **Mon meilleur match jusqu'à présent:**
- **Mon meilleur adversaire:**
- **Ma pire blessure: déchirure musculaire**
- **Mon idole dans la jeunesse: Xavi, Iniesta, Santi Cazorla, David Villa**
- **Mon club préféré: FC Sporting, FC Barcelona**
- **Mes objectifs sportifs: de m'améliorer et de m'amuser**

PRIVÉ

"- Mon boulot/ma profession: McDonalds Strassen (étudiant)

- **Mes hobbies en plus du football: être avec des amis et voyager**
- **Ma devise de vie:**
- **Ce dont je peux être heureux: Ma famille**
- **Qui je voudrais rencontrer:**
- **Où je voudrais vivre: Au Luxembourg**
- **Ma nourriture préférée:**
- **Ma boisson préférée: Lipton Ice Tea**
- **Mon/ma musicien(ne) préféré(e): Mac tyer**
- **Ma chanson préférée: Mac tyer Hiver**
- **Mon acteur/actrice préféré(e): Denzel Washington**
- **Mon film/ma série préféré(e): Coach Carter**
- **Ce dont je peux rire:**

Mir stellen lech den Profil vun eisem Kapitän Ramalho Morais Raphael fir:

FOOTBALL

- **Mon âge: 22**
- **Ma position: Attaquant**
- **Ma taille: 1,85**
- **Mon surnom: Russo**
- **Mes clubs jusqu'à présent: Hesperange,Itzig,Ehnen/White Lion**
- **A Ehnen depuis: Début de la création du club**
- **Mon meilleur match jusqu'à présent: J'essaye toujours de donner mon max pour l'équipe**
- **Mon meilleur adversaire: /**
- **Ma pire blessure: Entorse cheville**
- **Mon idole dans la jeunesse: Sergio Ramos**
- **Mon club préféré: Sporting Clube De Portugal**
- **Mes objectif sportif: M'amuser, Rappporter quelque chose à l'équipe, Jouer pour la passion**

PRIVÉ

- **Mon boulot/ma profession: Educateur Formation**
- **Mes hobbies en plus du football:**
- **Ma devise de vie: « Si vous pouvez rêver, vous pouvez le faire »**
- **Ce dont je peux être heureux: Le bonheur de la famille, Des amis**
- **Qui je voudrais rencontrer: Georgina Rodriguez**
- **Où je voudrais vivre: Aux Maldives**
- **Ma nourriture préférée: Chili con carne**
- **Ma boisson préférée: KidiBul**
- **Mon/ma musicien(ne) préféré(e): Quim Barreiros**
- **Ma chanson préférée: A Cabritinha**
- **Mon acteur/actrice préféré(e): Mickey Mouse**
- **Mon film/ma série préféré(e): Mickey Mouse ClubHouse**
- **Ce dont je peux rire:/**